

Infoe ginn et beim Liz:
liz.feinen@lgs.lu
Tel. 26 94 84 36

ZpB Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung

# OB S DU WËLLS ODER NET: DU BASS E POLITESCHE BILDNER!

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

***Politik?! Demokratie?! Dat huet näischt mat mir ze dinn! Oder dach?***

Cheffen handele politesch an hunn een Afloss op hir Gruppen.
Mee wéi? Wat hues du mat politescher Bildung ze dinn?
Wat ass dat iwwerhaapt? A wat heescht dat an der Praxis?

## *Politik & Ech*

An dëser Formatioun:

- gesäis du an enger Simulatioun, wat s du mat Politik ze dinn hues a wat Demokratie bedeit,
- fënns du eraus, wou sech Demokratie a Politik am Scoutsalldag verstoppen,
- léiers du Inhalter an Zieler vu politescher Bildung kennen,
- entwéckels du Weeër, fir mat Kanner a Jugendlecher iwwer Politik a Gesellschaft ze diskutéieren an hinnen ze hëllefen hir Stëmm héierbar ze maachen, an dat besonnesch am Waljoer 2023

**Datum: 25. Februar 2023, 10h00 bis 17h00**
**Wou: Um Neihaischen**
**Präis: 15 Euro (Iessen inclus)**
**Umeldung bis den 21. Februar 2023**

## *Schwätz mat! Maach mat! Bestëmm mat!*

**Participatioun bei den LGS**

- Du bass der Meenung, Jugendlecher a Kanner sollen am Grupp matschwätzen, matgestalten a matbestëmmen?
- Du wëlls dech an denger Roll als Chef weiderentwéckelen?
- Du hues vum Mini-Grupperot héieren, bass virwëtzeg a wëlls méi gewuer ginn? Da bass du hei genau richteg!
- Mir beschwätzen zesummen, de Wat, Firwat a Wéi vu Participatioun am Grupp.
- Zil soll et sinn, mat dir zesummen Iddien a Methoden, wéi de Mini-Grupperot, konkret fir däi Grupp auszeschaffen, sou dass du dës direkt ëmsetze kanns.

**Datum: 13. Mee 2023, 10h00 bis 17h00**
**Wou: Um Neihaischen**
**Präis: 15 Euro (Iessen inclus)**

**Umeldung:** chefbox.lgs.lu/portal/katalog/forcon/pedagogesches/